N°
Entrée le 02.05.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 2te Mee 2023 wéilt ech dem Minister fir Bannenzeg Sécherheet eng mëndlech Fro stellen.

De Policebüro zu Käerjeng gouf virun e puer Joer zougemaach an den Effektiv gouf mat deem am Policebüro zu Péiteng zesummegeluecht. Am Dezember 2021 waren nach Verhandlungen amgaangen, fir een neien Terrain fir een neit Policekommissariat ze fannen. Mengen Informatiounen no krut den Här Minister an deem Kontext verschidden Terraine vum Schäfferot vun der Gemeng Péiteng proposéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Wat ass de Stand wat d'Acquisitioun vun engem Terrain fir een neie Policebüro ugeet?
Gëtt eng vun de Proposë vum Schäfferot zréckbehalen?
Wat ass den Zäitplang, deen hei uviséiert ass, bis deen neie Büro soll opgoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten